LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°4935 vum 15. Oktober 2026 vun den éierewäerten Deputéierten Här Jeff Boonen an Här Paul Galles iwwert d'Elektrifikatioun vum Automobilpark

1. Kohärenz mam PNEC-Zil: Kann den Här Minister erklären, wéi déi prognostizéiert Marchésundeeler vun neien, reng elektreschen Autoen, déi tëscht 30 % am Joer 2026 a 50 % am Joer 2030 leien, mat dem Zil vum PNEC vereenbar sinn, bis 2030 en Undeel vu 49 % Elektroautoen a Plug-in-Hybrid-Gefierer am gesamten Automobilpark ze erreechen?

Bei de Neizouloossunge vu reng elektreschen Autoe gouf et tëscht 2024 an 2025 eng gewësse Stagnatioun, mat jeeweils ronn 27% vun de Maartundeeler. Dëst huet d'Regierung ugangs 2026 dozou beweegt fir de Bäihëllefsregimm „Klimabonus Mobilitéit" fir elektresch Gefierer em ganzer 4 Joer op engem attraktive Niveau ze verlängeren, mat engem Virfinanzéierungsmechanismus vun de staatleche Subsiden. Donieft gouf och de Bäihëllefsregimm fir déi privat Luedinfrastruktur bis 2030 nach mat verlängert an ausgebaut. Ënner anerem duerch dës Moossnamen erwaart d'Regierung sech, datt d'Maartundeeler vun den elektresche Gefierer weider klammen, dëst souwuel bei de Neizouloossunge wéi och am gesamte Fuerpark.

Déi läscht observéiert Zuele weisen däitlech, datt d'Elektromobilitéit weider u Succès an Zoustëmmung gewënnt. An den éischten 10 Méint vun dësem Joer waren 32% vun de Neizouloossunge reng elektresch Autoen. Am Mount Oktober waren et esouguer 40%. Dobäi kommen nach 6% Plug-in-Hybrid-Gefierer. D'Regierung ass zouversichtlech a schafft weider drun fir d'Zil vum PNEC ze erreechen.

2. Projektioun vum Automobilpark: Op Basis vun den Hypotheesen, déi den 23. September 2026 an der Kommissioun presentéiert goufen, wéi héich schätzt de Ministère den Undeel vun de reng elektreschen Autoen a Plug-in-Hybrid-Gefierer am gesamten Automobilpark jeweils den 31. Dezember vun de Joren 2026, 2027, 2028, 2029 an 2030? Kann den Här Minister dës Projektioune souwuel a Prozenter wéi och an absolutten Zuele matdeelen, an dobäi tëscht reng elektreschen Autoen a Plug-in-Hybrid-Gefierer ënnerscheeden?

Am Kader vum Ausschaffe vum neie Klima- an Energieplang wäert de STATEC, zesumme mat den zoustännege Ministèren, sämtlech Hypotheesen, déi an de Previsioune vun den Zäregasemissiounen eng Roll spillen, iwwerschaffen a mat dem aktuelle Stand vun de Moossnamen ofgläichen.

Am Transportberäich spillt effektiv net nëmmen de Maartundeel vu neien Elektroautoen eng Roll. Villes hänkt dovun of wéi séier den Automobilpark erneiert gëtt, wéi vill Autoe mat Verbrennungsmotor aus dem Verkéier geholl ginn a wéi sech de Marché vun den Occasiounsautoen entwéckelt. Och déi europäesch Reglementatioun déi sech un d'Constructeure richt wäert en Afloss hunn.

Am Kader vun den uewe genannten Aarbechten, en Consideratioun vun alle Moossnamen am Beräich vun der Elektromobilitéit, wäerten d'Previsioune vun den Undeeler vun de reng elektreschen Autoen a Plug-in-Hybrid-Gefierer am gesamten Automobilpark an de jeeweilege Joren nei opgestallt ginn.

3. Méiglechen Ecart zum PNEC-Zil: Wéi vill reng elektresch Autoen a Plug-in-Hybrid-Gefierer (jeweils an absolutten Zuelen) sinn de Berechnunge vum Ministère no am Joer 2030 zu Lëtzebuerg am Ëmlaf? Wéi grouss wier eventuell e méiglechen Ecart, souwuel an absolutten Zuele wéi och a Prozentpunkten, zu dem viséierten PNEC-Zil?

Et gëtt op d'Äntwert op déi zweet Fro verwisen.

Lëtzebuerg, de 17. November 2026
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit